N°990
Entrée le 11.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.07.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

Mir ass zougedroe ginn, datt verschidde Garagen de Besëtzer:innen vun Elektroautoen oder Hybridautoen - fir déi selwecht Aarbechten bei enger Revisioun oder bei enger Reparatur - méi Geld froen ewéi bei Leit, déi mat engem aneren Auto an de Garage kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Dierf ee Garage fir Aarbechten, ewéi zum Beispill Filterwiessel, déi bei allen Autoe gläich sinn, d'Besëtzer:innen vun Elektroautoe méi Geld froen?
2. Dierf ee Garage verschidden Stonneléin fir hir Aarbechter:inne Froen jee no Autostyp?
3. Wéi steht d'Regierung zu méi Transparenz bei den Garagen duerch eng verflichtent Veréffentlechung vun de Präisser vun hiren Prestatiounen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten